PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 15/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg huet an de leschte Jore fir Honnerte Milliounen Euro Militärfligere finanzéiert, déi am Kader vun der EATC zesumme mat anere Länner benotzt ginn. Lëtzebuerg huet d'Fligeren net selwer kaf, mee huet Fluchstonne kaf, mat deenen eist Land ee Fliger "loune" kann. Fir den Airbus A330 MRTT huet Lëtzebuerg 1200 Fluchstonnen am Joer zegutt, déi iwwert 30 Joer ronn 600 Milliounen Euro aus dem Staatsbudget kaschten.

Dës Fluchstonne sollte fir wichteg staatlech Aufgabe genotzt ginn. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°3961 vun 2021 hat déi deemoleg Regierung geäntwert, dass bis dohinner nach kee Regierungsmember op d'Transportméiglechkeete vun engem vun de lëtzebuergesche Militärfligeren zeréckgegraff hat. An engem Land-Artikel vum 8te Mäerz 2024 "Fly in no company" heescht et awer elo, dass de Premierminister am Kader vu verschiddenen Auslandsreese Fluchstonne vun engem Militärfliger genotzt huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fluchstonne goufen an de leschte 4 Joren aus dem EATC fir den Transport vu Regierungsmemberen oder héije Beamten benotzt (opgeschlësselt no Ministère an no Fligertyp, dee Lëtzebuerg am Kader vum EATC zur Verfügung stinn)?

2. Wéi vill Fluchstonnen a fir wéi eng aner Zwecker sinn d'Fligeren am Kader vum EATC genotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten